LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4900 vun der honorabeler Deputéierte Stéphanie Weydert

1. **Wat war de geneeën Objet vum internen Audit, deen 2024 beim MENJE lancéiert gouf? Goufen et deemools schonn Indicen op Mëssbrauch oder Onreegelméissegkeete festgestallt, notamment am Zesummenhang mat der Notzung vu gefälschten Diplomer fir d'Erhale vun Openthaltsgeneemegungen?**

   Ugangs wëll ech op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Fro Nr. 4483 vun der honorabler Deputéierte verweisen, an deenen d'Prozedure vun der Unerkennung vun engem Diplom duerch de Service de la reconnaissance des diplômes (SRD) an d'Adaptatiounen opgrond vum internen Audit schonn erkläert goufen.

   Den Ulass vum internen Audit, deen 2024 duerchgefouert gouf, war e professionellt Feelverhale vun enger Mataarbechterin, där nogewise konnt ginn, datt si an dräi Fäll gefälschten Dokumenter an en Dossier geluecht hat. Déi concernéiert Persoun ass beim Parquet signaléiert ginn, an no enger Disziplinarprozedur aus dem Staatsdéngscht entlooss ginn. An deem Zesummenhang hu Perquisitiounen am Abrëll an August 2024 am SRD stattfonnt.

   Opgrond vun dësem Virfall sinn d'intern Prozedure vum SRD iwwerschafft ginn. Den SRD hat zu deem Zäitpunkt keng Informatiounen, datt dëst Feelverhalen am Zesummenhang kéint stoe mat dem Ausstelle vun Openthaltsgeneemegungen.

2. **Wéi eng Entreprise huet den Audit duerchgefouert? Gouf an deem Kader e Marché public ausgeschriwwen?**

   Wéi schonn ënner Punkt 1 erwäänt, gouf en internen Audit a keen externen Audit duerchgefouert. Dofir gouf keng extern Firma mat der Duerchféierung vum Audit beoptraagt.

3. **Sinn Dossiere vun de Perquisitioune betraff, déi no den Ajustementer an de Prozedure beim MENJE gemaach goufen?**

   D'Dossieren, déi vun der Perquisitioun betraff waren, goufen all virun den Ajustementer vum SRD traitéiert.

4. **Goufen am Kader vun den Enquêtë Mataarbechter aus dem zoustännege Service fir d'Unerkennung an d'Homologatioun vun auslänneschen Diplomer suspendéiert? Falls jo, wéi vill Mataarbechter waren dovu betraff?**

   Wéi schonns erkläert, gouf eng Mataarbechterin vum SRD am November 2023 aus dem Staatsdéngscht entlooss, dëst no enger Disziplinarprozedur.

Lëtzebuerg, de 16. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH